ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Luxemburger Wort berifft sech haut op d'New York Times, fir ze mellen, datt den amerikanesche Bausseminister e Besuch zu Lëtzebuerg ofgesot hätt, well säi lëtzebuergeschen Homolog de President vun den USA e „Verbriecher" genannt huet.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Regierung déi Neiegkeet aus der New York Times confirméieren? Wa jo, wéi beurteelt d'Regierung dës Entwécklung am Hibléck op déi amerikanesch-lëtzebuergesch Relatiounen?
2. Ass de lëtzebuergeschen Ambassadeur an den USA an de State Department convoquéiert ginn oder gouf et an iergend enger anerer Form en diplomatesche Protest vun den USA géint déi zitéiert Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister?
3. Ass d'Regierung solidaresch mat den Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister? Consideréiert d'Regierung den Här Trump als e „Verbriecher"?
4. Ass d'Regierung sech bewosst, datt keen anert europäescht Land an där Form op déi rezent Tëschefäll zu Washington reagéiert huet?
5. Ass d'Regierung der Meenung, datt déi Manéier, wéi de Lëtzebuerger Ausseminister dacks Positioun ergräift a sech ausdréckt, den Interessie vum Lëtzebuerger Land an der Welt déngt? Wann nee, wéi eng Konsequenze wëll d'Regierung dann aus där Erkenntnes zéien? Wa jo, wéi wëll d'Regierung dat argumentéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten